Helperknapp, 04/09/2024

# Rapport vun der Kommissioun

# fir de Klima a nohalteg Entwécklung

## Sëtzung vum 10 Juli 2024

## Präsenzen

| Present (Quorum 50% , ≥6) | Net present | Observateuren a Experten |
|---|---|---|
| Patrick EVERARD<br>Thierry EVERAD<br>Carlo KOEPP (Rapport)<br>Louis MALHERBE<br>Louis MEYER<br>Patrick KRAEMER<br>Joske VOSMANN<br>Carole WINTERSDORF<br>Pascal WIRTZ | Paul MANGEN (entschëllegt)<br>Emile SPLICKS | |

## Dagesuerdnung

*Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst*

1. Begréissung, Presenzeléscht
2. Rapport vum 21 Mäi 2024
3. Retouren aus der Gemeng
4. Analyse a Bilan Klimapakt Audit
5. Bilan Green-Event – Ëmwelt-Charta fir Veräiner
6. Initiativ Repair Café
7. Projet Wandrieder fir eis Gemeng

## Punkt 1 : Begréissung, Präsenzeléscht

9 vun 11 Memberen waren präsent. 1 haten sech entschëllegt.

## Punkt 2 : Rapport vum 18 Mäerz 2024

De Rapport gouf ouni weidere Kommentar eestëmmeg acceptéiert.

## Punkt 3 : Retouren aus der Gemeng

- Kommissioun' s Memberen kruten dat neit Subsiden Reglement aus der Gemengerotssëtzung vum 30/4/2024 geschéckt. Et gouf den 13/05/2024 vum Ministère approuvéiert, an vum Service Kommunikatioun an der Gemengen Homepage aktualiséiert. Weider Detailer kann een bei der Gemeng ufroen. (Informatioun vum Gemengensekretariat)

- De Schäfferot huet ee positiven Avis zum Projet Repair-Café ginn. D'Kommissioun huet d'Erlabnis fir sech konkret iwwert de Projet z' informéieren. Et besteet d'Méiglechkeet de Repair-Café an engem fréiere Klassesall an der aler Schoul zu Téinten z' organiséieren. (Text vum Gemengensekretariat)

- Wandrieder : Weider Informatiounen zum Thema Wandrieder kann d'Kommissioun kréien, esoubal d'Gemeng méi genee Detailer zum Projet huet. (Text vum Gemengensekretariat)

## Punkt 4 : Audit Klimapakt Audit

Den Thierry an de Patrick hunn un enger éischter Klimapaktsëtzung nom Audit deelgeholl. Fir weider ze progresséieren muss no hinnen ee strukturéierten Plang erstallt ginn fir am Moossnamen Katalog vum Klimapakt gezielt weiderzekommen. Groussen Impakt dorops gëtt et:

- bei der Ausschaffung vun den verlaangten Konzepter
- an d' prioritäert Beaarbechten vun de Punkten déi Gemengeverwaltung betreffen.

Weider gouf iwwert de **Roll vum Klimaberoder** geschwat. Et d'ass fir eis essentiel dat hien seng ganz Erfarung mat erabréngt, déi néideg Denkustéiss geet, a bei der Erstellung vun den Konzepter mathëlleft.

D' Interpretatioun vum Audit Rapport ouni weider Erklärungen ass relativ schwéier. Duerfir wëlle mir an der nächster Reunioun mat dem Klimaschäffen an/oder engem Gemengen Expert doriwwer diskutéieren.

## Punkt 5 : Green Event an Ëmwelt Charta fir d' Veräiner

Mir kontaktéieren virun der nächster Sëtzung d' Gemengensekretariat fir weider Informatiounen ze kréien iwwert d' Participatioun vun de Veräiner un der Ëmwelt-Charta an dem Green Event

## Punkt 6 : Initiativ Repair Café

Wéi am Punkt 3 schonn notéiert, krut d' Kommissioun gréng Luucht vum Schäfferot fir dës Initiativ ze starten, a mir wëllen dëse Projet an de nächste Méint konkretiséieren. Verschidden Punkten goufen diskutéiert:

- **D'ASBL Repair Café** kontaktéieren fir eis bei der Ëmsetzung ze beroden an z' ënnerstëtzen
- De Patrick Kraemer hunn den Punkt "Secherheet an Haftung" ugeschwat. De Louis Meyer verweist op d' Websäit vun der ASBL, wou dëse Punkt ënner dem Kapitel "Info" traitéiert geet, an zitéiert e puer Extraiten.
- D' Experten schaffen benevole an hëllefen bei de Reparaturen déi Gratis sinn. Natierlech mussen sech dofir Leit engagéieren. Detailer heizou fënnt een an der Websäit.
- D' Méiglechkeet fir eventuell Aarbechtsgeschier auszeléinen ass ugeschwat ginn.
- De Joske huet d' Etappen virgelies déi vun der ASBL proposéiert ginn fir esou ee lokalen Repair Café op d' Been ze stellen.

## Punkt 7: Projet Wandrieder

A Moment sinn nach keng Donnéeën verfügbar. Wéi am Punkt 3 ugeschnidden hält d' Gemeng eis um Lafenden esoubal de Rapport virläit.

## Nächst Sëtzung

De nächsten Termin ass den **21 September um 19h00** am Gemengerotssall.

Méiglech Punkten fir Dagesuerdnung:

1) Retouren, Demanden aus der Gemeng
2) Analyse a Bilan Klimapakt Audit mat dem Klimaschäffen an/oder engem Gemengen Expert
3) Bilan Ëmwelt Charta a Green Event Manifestatiounen
4) Progressioun Initiative Repair Café

Wann dir weider Virschléi huet, schéckt se gären un eise President.